N°988
Entrée le 11.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/07/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den Office national de l'enfance (ONE) schafft mat privaten Organisatiounen am Beräich vun dem Kanner- a Jugendschutz zesummen, fir Projeten an Hëllefsmoossnahmen ëmzesetzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°820 informéiert de Minister, dass den ONE am Zäitraum 2019-2023 insgesamt 651.920.372€ u seng extern Prestatairen ausbezuelt huet.
    - Kann de Minister den uewe genannte Montant op d'Joren 2019 bis 2023 an op déi zéng gréisste Prestatairen oplëschten?

2. De Minister huet och präziséiert, fir wéi eng Prestatiounen am Zäitraum 2009 bis 2013 309.766.783 € ausgi goufen (gemengt war wuel d'Period 2019 bis 2023?).
    - Kann de Minister den uewe genannte Montant op d'Joren 2019 bis 2023 an op déi verschidde Forfaiten oplëschten?

3. Existéieren iergendwellech Etüden, Indicateuren oder Prozeduren, fir d'Aarbecht an d'Prestatioune vum ONE a senge Prestataire ze bewäerten?
    - Falls jo, wéi eng sinn dat a wéi eng Leit ginn hei gefrot?
    - Falls nee, wäert de Minister dofir suergen, dass hei an Zukunft Date wäerten erhuewe ginn, bzw. d'Servicer méi genee analyséiert ginn (zum Beispill duerch Enquêtes de satisfaction?)

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 988 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori

Ad 1)

Op den Zäitraum vun 2019-2023, krute follgend 10 Prestatairen dës Montanten iwwerwisen:

		TOTAL
1	ARCUS KANNER JUGEND A FAMILL asbl	120 323 615,57 €
2	SOLINA SOLIDARITE JEUNES	72 128 183,65 €
3	CROIX ROUGE LUXEMBOURGEOISE	64 424 820,54 €
4	ANNE Asbl	64 257 423,40 €
5	FONDATION LETZEBUERGER KANNERDUERF	53 472 184,09 €
6	CARITAS-JEUNES ET FAMILLES Asbl	38 354 130,01 €
7	MAISON DE LA PORTE OUVERTE (Fond.)	29 731 257,70 €
8	FONDATION KANNERSCHLASS	23 095 834,27 €
9	FONDATION CARITAS LUXEMBOURG	19 376 227,94 €
10	FONDATION PRO FAMILIA	10 555 903,32 €
		495 719 580,49 €

Ad 2)

De genannte Montant betrëfft selbstverständlech d'Joren 2019 bis 2023.

Oplëschte vun deene verschiddene Forfaiten: cf. Annexe

Ad 3)

Am Kader vun den Agrementen déi am Aklang mam ASFT-Gesetz ausgestallt ginn, geséit den Artikel 31 vum *Règlement grand-ducal modifié du 17 aout 2011 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires d'activités pour jeunes adultes et familles en détresse* vir, datt d'Critèren déi zu der Ausstellung vum Agrement gefouert hunn, kontrolléiert kënne ginn. Dëse Kontroll besteet aus Visitte bei de Prestatairë vun der Kanner- a Familljenhëllef (AEF) wou déi verschidden Elementer kontrolléiert kënne ginn.

Dës Prestatairë mussen sech och un de nationale *Rahmenplan der Kinder- und Familienhilfe* halen. Dëse Plang soll d'Interventioune vun de verschiddene Spezialisten an dësem Beräich harmoniséieren a berifft sech op déi grouss Prinzippie vun der Internationaler Konventioun vun de Kannerrechter an definéiert gemeinsam Handlungsfelder, déi als Grondlag fir d'Beruffspratiken a fir eng iwwergräifend Evaluatioun dénge sollen. Dëse Plang soll sécherstellen, datt all Kand, all Jugendlechen an all Famill,

déi Hëllef brauchen, eng beschtméiglech Ënnerstëtzung bei engem Prestataire aus dem Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef kritt, onofhängeg dovun, ob et sech ëm psychologesch Berodung, ambulant Moossnamen, sozialpedagogesch Betreiung oder den Accueil an enger Fleegefamill handelt.

Lëtzebuerg, den 22. August 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH